
Administration communale
de Reckange-sur-Mess



N°1 :: 2025

Gemengebuet

# Reckeng op der Mess

:: www.reckange.lu

RECKENG OP DER MESS :: ÉILENG :: LAMPECH :: PIISSENG :: RIEDGEN :: WICKRENG

# Impressum

**Editeur responsable:**
Administration Communale de Reckange-sur-Mess
ISSN 2418-442X

**Mise en page:**
Julien Primout

**Textes:**
Julien Primout

**Rapports des séances du conseil communal:**
Savas Koroglanoglou, Julien Primout

**Photos:**
Julien Primout, Claire Pépin, Carole Beckius,
Jenny Mannes, Mirko Soisson, Maison des Jeunes

KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

myclimate – Notre impact. Durable – Imprimerie – myclimate.org/01-24-328655

RECYCLÉ – Papier fait à partir de matériaux recyclés – FSC® C179465

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

**Impression:**
Imprimerie Ossa
46, rue Gabriel Lippmann
Parc d'activités Syrdall
L-6947 Niederanven

Imprimé à 1.250 exemplaires sur du papier Circle offset recyclé

OSCM — Administration communale de Reckange-sur-Mess — croix-rouge luxembourgeoise, Mënschen hëllefen

**Permanence sociale à Reckange-sur-Mess**

Chers habitants,

à partir du 1er janvier 2025, l'administration communale de Reckange-sur-Mess, en coopération avec l'Office social commun de Mamer, offrira une permanence sociale

**tous les 2e mardi du mois, de 15.00 à 16.00 heures**

au deuxième étage du bâtiment communal (83, rue Jean-Pierre Hilger L-4980 Reckange-sur-Mess), en toute confidentialité et discrétion. Pour toute information complémentaire, n'hésitez pas à prendre contact avec notre assistante sociale du OSCM, Madame Mirien Da Luz Dias au 621 79 47 43.

Mat der CityApp Reckeng op der Mess
ass déi ganz Gemeng an Ärer Täsch.

*Avec la CityApp Reckange-sur-Mess,*
*toute la commune est dans votre poche!*

# Index


| | |
|---|---|
| 4 | Virwuert vum Här Buergermeeschter |
| 5 | Préface de Monsieur le Bourgmestre |
| 6 | Annuaire |
| 7-10 | Rapport de la séance du conseil communal du 14 novembre 2024 |
| 11-14 | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 14. November 2024 |
| 15-16 | Rapport de la séance du conseil communal du 12 décembre 2024 |
| 17-18 | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 12. Dezember 2024 |
| 19 | Drénkwaasseranalyse / *Analyse d'eau potable* |
| | D'Reckenger Jugendhaus / *La maison des jeunes de Reckange* |
| 21-23 | Halloweenlaf |
| 24 | Schülerrotswalen / *Élections du conseil d'élèves* |
| 24 | Concert - Luca & Friends |
| 25 | Vëlkerballturnéier / *Tournoi de balle prisonnier* |
| 26 | Den Dag vun der oppenen Dieren an der Maison Relais / *La journée portes ouvertes à la maison relais* |
| 27 | Den Dag vum Bam / *La journée de l'arbre* |
| 28 | SICONA - Wëllplanzesom |
| 29 | SICONA - Aktioun Päiperlek / *Action papillon* |
| 30-31 | Ënnerwee mam Kleeschen a mam Houséker / *En vadrouille avec le St.-Nicolas et le Père Fouettard* |
| 32-35 | De Reckenger Chrëschtmaart / Le Marché de Noël de Reckange |
| 36 | Mérite Sportif 2024 - Opruff / *Appel à candidatures* |
| 37 | MultiKulti 2025 - Appel à candidatures |
| 38 | État civil - Mir gratuléieren / *Félicitations* |
| 39 | Manifestatiounskalenner - *Calendrier des manifestations* |


KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

# Léif Matbiergerinnen a Matbierger



D'Chrëschtfeierdeeg leien elo hannert eis, an ech hoffen Dir konnt e puer schéin a gemittlech Stonne mat Äre Léifsten zesumme verbréngen.

Eise Gemengerot huet de Budget 2025 eestëmmeg votéiert, a mir kënnen nees mat Projeten, déi schonn um Lafe sinn, weiderfueren an donieft neier lancéieren.

Ech wëll op dëser Plaz eise Mataarbechter e grousse Merci ausschwätze fir déi sëllegen Aarbechten, déi si erleedegt hu fir de Budget esou genee ewéi méiglech auszeschaffen.

Fir d'Joer 2024 hate mir 10.575.750 Euro Ausgaben am ordinäre Budget virgesinn an am Rectifié gesi mir elo, dass mir effektiv 10.653.840 Euro Ausgaben haten. Méi genee kann dëst bal net realiséiert ginn an et weist eis, wéi wichteg et ass déi Previsiounen esou genee ewéi méiglech ze bezifferen.

Awer och all déi Mataarbechter, déi net um Budget schaffen, leeschten eng exzellent Aarbecht, jiddereen a sengem Domaine an ech wëll all Eenzelen op dëser Plaz villmools Merci soe fir säin Asaz.

D'Chargen, déi d'Gemengen iwwerhuele mussen, ginn ëmmer méi grouss, d'Oplagen ëmmer méi komplizéiert ouni dass d'Recetten am selwechte Mooss klammen. En Deel vun dëser komplexer Situatioun kréie mir nëmmen duerch motivéiert a gutt ausgebilte Mataarbechter kompenséiert.

Déi detailléiert Chiffere vum Budget, virun allem wou d'Gemeng am Joer 2025 investéiert, wäert Dir am Februar – ewéi gewinnt – an eiser spezieller Budgets-Editioun vum Gemengebuet entdecke kennen.

Zum Joresenn ass et awer och ëmmer nëtzlech e klenge Réckbléck op dat vergaangent Joer ze werfen. A wann ech 2024 Revue passéiere loossen, fält mir virun allem op, dass bei eis an der Gemeng nach villes gutt leeft: D'Zesummeliewen ënnereneen, d'Aktivitéite vun de Veräiner, d'Aarbechte vun deene verschiddene Gemengekommissiounen, d'Betreiung vun eise Kanner an der Schoul, an der Maison Relais an och am Jugendhaus, d'Zesummenaarbecht am Schäffen- a Gemengerot: Dat alles funktionéiert nëmmen duerch den onermiddlechen Asaz vun alle Bedeelegten.

Ech wënschen Iech alleguer, am Numm vum Schäffen- a Gemengerot, awer och vum Gemengepersonal e gudde Rutsch an alles Guddes fir dat neit Joer.

Carlo Muller
Buergermeeschter

# Chères citoyennes, chers citoyens

Les festivités de Noël sont maintenant derrière nous et j'espère que vous avez pu passer du bon temps avec vos proches et vos bien-aimés.

Le conseil communal a approuvé le budget 2025 à l'unanimité et nous pouvons donc continuer à travailler sur les projets entamés et en lancer des nouveaux.

Je voudrais en profiter pour remercier toutes celles et ceux ayant contribué à l'établissement rigoureuse de ce budget, pour tous leur travaux fournis et leurs efforts accomplis.

Pour le budget ordinaire de l'année 2024, nous avions prévu des dépenser 10.575.750 €. Maintenant, dans le budget rectifié, nous pouvons constater que nous avons effectivement dépensé 10.653.840 €. Difficile d'être plus précis dans l'établissement d'un budget. Cela nous montre à quel point il est important de chiffrer les prévisions avec précision.

Au-delà des collaborateurs.trices ayant activement contribué à l'établissement de ce budget, un grand merci également à tout.e.s les autres pour leur excellent travail et leur engagement, chacun.e dans son domaine.

Les charges que la commune doit assumer deviennent de plus en plus importantes et les exigences toujours plus compliquées, sans augmentation proportionnelle des recettes. Une partie de cette situation complexe ne peut être que compensée par le travail de collaborateurs.trices motivé.e.s. et qualifi.é.e.s.

Vous pourrez découvrir les chiffres détaillés de ce budget, et surtout les domaines dans lesquels la commune investira en 2025, dans la prochaine édition spéciale budget du bulletin communal, que vous trouverez dans votre boîte aux lettres en février.

En cette fin d'année, il me semble utile de passer en revue l'année écoulée. Et en analysant 2024 de plus près, j'ai l'impression qu'un bon nombre de choses fonctionne bien: Notre vivre-ensemble, les activités des associations, les projets des différentes commissions consultatives, la prise en charge de nos enfants à l'école, à la maison relais et à la maison des jeunes, l'entente et la collaboration du collège échevinal avec le conseil communal: ce système est bien huilé grâce à l'engagement infatigable de tous les intervenants.

Au nom du collège échevinal, du conseil communal et du personnel communal, je vous souhaite à toutes et à tous une très heureuse nouvelle année.

Carlo Muller
bourgmestre

# Annuaire

Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 8.30 à 11.30 et 14.00 à 18.00
(Les jeudis sur rendez-vous de 7.00 à 8.30 et de 18.00 à 19.00, à fixer au plus tard 48 h à l'avance)

**Gemeng Reckeng op der Mess**
83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
E-Mail: commune@reckange.lu

## Collège des bourgmestre et échevins

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Carlo MULLER | Bourgmestre | 621 29 91 90 | camuller@pt.lu |
| | Christian TOLKSDORF | 1e Echevin | 691 30 06 76 | christian.tolksdorf@reckange.lu |
| | Marc LUDWIG | 2e Echevin | 621 41 91 26 | marc.ludwig@reckange.lu |

## Conseil communal

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Sonja HEYARD-RIES | conseillère communale | | sonja.heyard@reckange.lu |
| | Robert LECLERC | conseiller communal | | robert.leclerc@reckange.lu |
| | Nicole THORN | conseillère communale | | nicole.thorn@reckange.lu |
| | Dominique DA COSTA | conseiller communal | | dominique.dacosta@reckange.lu |
| | Claire PÉPIN | conseillère communale | | claire.pepin@reckange.lu |
| | Yann KOHL | conseiller communal | | yann.kohl@reckange.lu |

## Services communaux

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Réception/Population/ | James THOMES | | 37 00 24 - 51 | james.thomes@reckange.lu |
| Facturation/ Etat civil | Nadine JAKOBY | | 37 00 24 - 1 | nadine.jakoby@reckange.lu |
| | Tim DRAUTH | | 37 00 24 - 9 | tim.drauth@reckange.lu |
| | Carole BECKIUS | | 37 00 24 - 23 | carole.beckius@reckange.lu |
| Secrétariat communal | Savas KOROGLANOGLOU | | 37 00 24 - 20 | savas.koroglanoglou@reckange.lu |
| Ressources humaines | Jenny MANNES | | 37 00 24 - 22 | jenny.mannes@reckange.lu |
| Receveur communal | Véronique GOBERT | | 37 00 24 - 30 | veronique.gobert@reckange.lu |
| Relations publiques | Julien PRIMOUT | | 37 00 24 - 26 | julien.primout@reckange.lu |
| | Fabienne DEL DEGAN | | 37 00 24 - 27 | fabienne.deldegan@reckange.lu |
| Service technique | Magali JACOB | | 37 00 24 - 40 | magali.jacob@reckange.lu |
| | Myrna MAININI | | 37 00 24 - 34 | myrna.mainini@reckange.lu |
| | Carole ALLAIS | | 37 00 24 - 42 | carole.allais@reckange.lu |
| | Melissa LEOCI | | 37 00 24 - 49 | melissa.leoci@reckange.lu |
| | Jorge DA SILVA | | 37 00 24 - 41 | jorge.dasilva@reckange.lu |
| Atelier communal | Claude BOURKEL | | 26 37 09 45 | claude.bourkel@reckange.lu |
| | | | 37 13 45 | atelier@reckange.lu |
| | | | | |
| Service d'incendie | Chef de centre | Frédéric Stringaro | 49 77 1 - 6351 | frederic.stringaro@cgdis.lu |
| | Permanence (décès) | | 621 20 93 11 | (samedi de 9.00 - 12.00) |
| | Permanence technique | | 621 37 00 24 | (24h/24h) |
| | Garde Forestier | Luca SANNIPOLI | 621 20 21 52 | |
| | Curé | Paul MULLER | 95 80 49 | |
| | Office Social Commun | Mirien DA LUZ DIAS | 621 79 47 43 | (8.00 - 10.00) |
| | Hexemeeschter | | 26 37 05 76 | |
| | École fondamentale Kleesenberg | | 26 37 12 21 | |
| | Maison Relais | | 26 37 12 70 | |
| | Police Porte du Sud | | 244 57 1000 | |
| | Police Esch-sur-Alzette | | 244 50 1000 | |
| | Police | | 113 | |
| | Pompiers/Ambulance | | 112 | |

## Séance du conseil communal du 14 novembre 2024

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Christian Tolksdorf, Marc Ludwig (échevins), Sonja Heyard, Robert Leclerc, Nicole Thorn, Claire Pépin, Yann Kohl (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

**Excusé:** Dominique Da Costa (conseiller)

**Séance à huis clos**

Les points 1 et 2 concernent des affaires du personnel et ont donc été traités à huis clos.

**3. Informations du collège échevinal**

- Le 3 octobre 2024, le collège échevinal a accueilli un collaborateur du service de proximité Hexemeeschter pour lui proposer, considérant ses bonne compétences, un emploi d'insertion pour les demandeurs d'emploi de longue durée (EMI), qui palliera une période d'environ 4 ans, s'étendant jusqu'à sa retraite. Cette création de poste a également recueilli un avis favorable de la délégation du personnel.
- Le 9 octobre 2024, une entrevue a eu lieu avec des représentants du complexe GridX à Wickrange, échange concernant les futures activités proposées sur le nouveau site. Les représentants du site souhaiteraient présenter la bâtisse aux habitants des communes de Reckange-sur-Mess et de Mondercange, dans le cadre d'une journée portes ouvertes, qui aura lieu en début d'année 2025. Le GridX ouvrira probablement ses portes dès juin 2025, alors que l'ouverture officielle est prévue en automne 2025.
- Le même jour a eu lieu un nouveau workshop concernant la nouvelle construction de l'école fondamentale Kleesenberg, en compagnie du collège échevinal et du service technique, de l'architecte et des représentants du personnel enseignant.
- Le 16 octobre 2024, le collège a procédé à une entrevue avec une famille résidant dans la rue du Bois à Wickrange, concernant l'acquisition de fonds situés dans la même rue, dans le cadre de la planification de la résidence pour personnes âgées.
- Le 17 octobre 2024 a eu lieu une réunion de travail du conseil communal concernant l'évolution du projet de construction de la nouvelle école fondamentale Kleesenberg, en présence du bureau d'architecture en charge de l'élaboration du projet.
- Le même jour a eu lieu une réunion avec tous les présidents et secrétaires des commissions consultatives de la commune, qui permettra de restructurer les activités des commissions autour du personnel communal et de l'atelier communal.
- Encore le même jour, une délégation des enseignants a été conviée par le collège échevinal pour partager l'évolution du dossier de la construction de la nouvelle école fondamentale Kleesenberg.
- Le 21 octobre 2024, dans le cadre de la planification de la résidence pour séniors à Wickrange, a eu lieu une nouvelle réunion avec le collège échevinal de Dippach et des représentants de la société d'exploitation et de la société en charge de l'organisation financière. Cette entrevue a permis d'identifier les différentes façons d'exploitation et de financement de cette résidence.
- Le 24 octobre 2024 a eu lieu une réunion avec l'architecte en charge de la construction du Centre de Rencontre à Éhlange, où de nombreux dysfonctionnements ont été identifiés depuis sa mise en service en 2018. Les différents corps de métiers seront réunis sur place afin d'y remédier.
- Le 6 novembre 2024, Monsieur le bourgmestre Carlo Muller et le secrétaire communal ont participé à l'édition annuelle de la Plateforme Maison des Jeunes, dans le cadre de laquelle la commune a rencontré deux nouveaux interlocuteurs représentant le Ministère de l'Éducation et de la Jeunesse. Lors de cette réunion constructive, le bon fonctionnement et le succès de la Maison des Jeunes de Reckange s'est encore confirmé. D'autres sujets de discussion ont notamment porté sur le financement et la gestion du personnel de la structure.
- Le 6 novembre 2024, la vente publique de la Maison Hengesch à Éhlange a été annulée, car les enchères proposées n'étaient pas à la hauteur des attentes du collège échevinal.
- Le 7 novembre 2024 a eu lieu un nouveau workshop concernant la nouvelle construction de l'école fondamentale Kleesenberg.
- Le 8 novembre 2024, le collège échevinal a accueilli le nouveau conseil des élèves de l'école Kleesenberg, en lui remettant la clé symbolique de la commune. Le conseil des élèves en a profité pour soumettre et discuter certaines doléances concernant le campus et la vie scolaire avec le collège.
- Le 13 novembre 2024 a eu lieu le Comité de prévention avec la police du Commissariat Porte du Sud, avec les collèges échevinaux des communes de Mondercange et de Schifflange. Alors que la criminalité et les incidents se produisent toujours à faible échelle, la police met en garde devant des tentatives multipliées de vols de voitures: les malfrats actionnent des poignées de portes de voiture au hasard et il s'avère que de temps

en temps, les véhicules en question ne sont pas verrouillés.

- Le même jour a eu lieu une entrevue avec LuxConnect pour la signature d'une convention portant sur la résilience de nos réseaux de communication, donc sur l'amélioration de leur fiabilité et de leur sécurité. Dans cet ordre d'idée, il serait judicieux de procéder à la mise en place d'un réseau fibre propre à l'administration, permettant de minimiser les conséquences en cas de cyberattaque, d'incendie ou d'autres catastrophes pouvant compromettre la continuité des services communaux et la mise en danger de données protégées. Pour chaque mètre de gaines posées et mises à disposition de LuxConnect, ceux-ci nous mettent à disposition 6 mètres de réseau fibre. Il s'agit donc d'un échange matériel et non financier, les frais de gestion étant portés par LuxConnect.
- À vos calendriers:
  - Le samedi, 16 novembre 2024 auront lieu les portes ouvertes de la Maison Relais, de 10.00 à 15.00 heures.
  - Le jeudi, 12 décembre 2024 aura lieu la dernière réunion publique du conseil communal, durant laquelle le budget de l'année 2025 sera présenté, discuté et voté.

**4. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

**5. Approbation de devis extraordinaires**

Le conseil communal approuve à l'unanimité deux devis extraordinaires, portant sur le remplacement des fenêtres de l'atelier communal et sur le réaménagement de la rue de la Montée à Reckange-sur-Mess. Il s'agit ici d'un devis supplémentaire permettant de pallier des frais causés par des travaux imprévus et par l'augmentation de l'indice des prix à la construction.

**6. Décision sur l'avant-projet de règlement grand-ducal déclarant zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle et de corridor écologique, la zone «Leidelénger Bësch / Obeler Bësch» - Avis du conseil communal sur les réclamations introduites auprès du collège des bourgmestre et échevins**

Suite à la prise en considération de toutes les réclamations introduites auprès du collège échevinal dans le cadre de cet avant-projet de règlement grand-ducal, le conseil communal approuve à l'unanimité l'émission de l'avis suivant, qui sera transmis au Ministre de l'Environnement du Climat et de la Biodiversité:

- Les mesures d'interdiction ou de restrictions inscrites dans la loi doivent être précisées pour le cas desdites parcelles agricoles,
- Le Ministre doit prendre position sur la pérennité de l'activité agricole sur ces parcelles,
- Le Ministre doit prendre position sur l'importance desdites parcelles agricoles, dans un ensemble protégé forestier,
- le cas échéant, le périmètre doit être revu et exclure les parcelles concernées,
- Le Ministre doit en aviser les réclamants.

**7. Décision sur l'adaptation d'un plan d'aménagement général suite à un jugement, concernant des parcelles situées «lm Bourpesch» à Wickrange - Avis du conseil communal sur la réclamation introduite auprès du Ministère des Affaires intérieures**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le maintien de sa décision de suivre la décision du Tribunal Administratif de rendre les parcelles précitées urbanisables, en les grevant notamment d'une servitude

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima




Den Offallkalenner 2025 ass do! En ass iwwert déi lescht Woche verdeelt ginn a pünktlech fir de Joresufank fannt Dir en an Ärer Bréifboîte. Zousätzlech Exemplare stinn Iech an der Receptioun vun der Gemeng zur Verfügung. Op eisem Site fannt Dir och eng PDF-Versioun. Geheit en net ewech - dëse Kalenner ass e wäertvolle Partner, deen Iech dat ganzt Joer laang an Ären Offalltrennungsdemarchë begleeden an an Ären nohaltege Reflexer ënnerstëtze wäert. En ass voll mat Informatiounen iwwert eis Offallkollekten, de Sperrmüll an Tipps an Tricks fir den Alldag. Fir 2025 och näischt ze verpassen, hu mir nees eis Veräiner an d'Vitrinn gestalt an och all déi Manifestatiounen am Kalenner integréiert, déi elo scho feststinn oder preparéiert ginn. Mir wënschen Iech vill Spaass beim Bliederen!

*Le calendrier des déchets 2025 est arrivé! Il a été distribué durant ces dernières semaines et vous le trouverez dans votre boîte aux lettres pile pour nouvel an. D'autres exemplaires sont disponibles à la réception de la commune. Une version PDF est disponible sur notre site. Ne le jetez pas - ce calendrier est un outil performant qui vous accompagnera tout au long de l'année dans vos démarches de tri de déchets, votre recyclage et dans vos réflexes durables et anti-gaspi! De plus, il contient toutes les informations nécessaires aux collectes de tri, à l'évacuation de déchets encombrants et des astuces pour tous les jours. Pour être certain de ne rien rater à l'année 2025, nous remettons en lumière nos associations locales et y avons inclus toutes les manifestations d'ores et déjà confirmées ou en préparation. Bon feuilletage!*

«étude de sol», ceci malgré une réclamation introduite auprès de Monsieur le Ministre des Affaires intérieures, suite à l'affichage de l'approbation de l'adaptation du PAG à «Im Bourpesch» à Wickrange.

8. **Approbation de trois morcellements**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité trois morcellements de terrains situés dans la rue de la Montée à Reckange-sur-Mess, dans la rue de l'École à Éhlange et aux lieux-dits «Auf der Proischtheck» et «Rue de Geisen» à Limpach, en vue de leur affectation à la construction.

9. **Approbation d'un règlement temporaire de la circulation à Wickrange**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité un règlement temporaire de la circulation à Wickrange, ayant pour but d'optimiser le flux de circulation à Wickrange et de garantir la sécurité des usagers ainsi que le bon déroulement du chantier. Pour cela, les automobilistes seront dorénavant obligés de tourner à droite à hauteur de l'intersection avec le chemin d'accès à la maison n°3 et la rue des Trois Cantons à Wickrange, en quittant le centre commercial. Cette mesure sera implémentée dès le 11 octobre 2024 et ce jusqu'à la fin des travaux de construction de l'échangeur de Pontpierre, prévisiblement le 31 décembre 2025.

10. **Approbation de trois décomptes relatifs à des travaux extraordinaires**
    Le conseil communal approuve à l'unanimité trois décomptes relatifs à des travaux extraordinaires, portant sur le remplacement du collecteur d'égouts dans la rue des Trois Cantons à Dippach-Gare, sur des travaux de canalisation à Éhlange et sur le réaménagement de la cour de l'ancienne école d'Éhlange.

11. **Approbation d'une convention avec la société LuxConnect S.A.**
    Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention sur l'utilisation et le partage d'infrastructures, signée en date du 7 novembre 2024, entre la société LuxConnect S.A. et le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Reckange-sur-Mess. (Plus d'informations sous le point 1)

12. **Office social commun - Approbation de la convention pour l'exercice 2024**
    Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention du 23 septembre 2024 entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg, les communes de Bertrange, Dippach, Kehlen, Kopstal, Leudelange, Mamer et Reckange-sur-Mess et l'office social commun de Bertrange, Dippach, Kehlen, Kopstal, Leudelange, Mamer et Reckange-sur-Mess. Cette convention, réglant les relations entre les parties précitées relatives à l'organisation et au financement des activités de l'office social commun à Mamer sera soumise à l'approbation de l'autorité supérieure.

13. **Approbation de la convention tripartite 2024 pour la Maison Relais**
    Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention tripartite 2024 entre l'État, la commune de Reckange-sur-Mess et la Croix-Rouge luxembourgeoise, allant du 1er janvier 2024 au 31 décembre 2024 et prévoyant les dispositions détaillées de fonctionnement et les dispositions de gestion financière, notamment concernant la participation de l'État et de la commune par voies d'avances à payer au prestataire, qui se charge de subvenir aux frais de fonctionnement.

14. **Approbation de cinq actes notariés**
    Le conseil communal approuve à l'unanimité cinq actes notariés: deux portent sur des cessions gratuites de terrains situés dans la rue du Centre à Éhlange et dans la rue de la Fontaine à Reckange-sur-Mess, ceci dans un but d'utilité publique. Le troisième porte sur la constitution d'une servitude dans le lotissement Klenge Lehm à Reckange-sur-Mess. Le quatrième porte sur l'acquisition de quarante parcelles de terrains sur le territoire de la commune, dans un but d'utilité publique, en vue de disposer d'une réserve foncière pour y réaliser des mesures de compensation obligatoires lors de la réalisation de projets communaux, ou de pouvoir échanger des terrains de qualité labourable similaire. Le cinquième acte porte sur l'acquisition de neuf parcelles de terres labourables situées «In den Roederstrachen» à Éhlange.

15. **Décision de reclasser un terrain du domaine public communal en domaine privé communal**
    Le conseil communal approuve à l'unanimité le reclassement d'une parcelle située dans la rue du Bois à Wickrange, du domaine public communal en domaine communal privé en vue d'un échange, permettant de procéder à l'aménagement d'un passage longeant le hangar communal.

Administration communale
de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 14 novembre 2024, a **approuvé une modification du règlement de la circulation**, décision approuvée par Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux Publics le 19 novembre 2024 réf. cce/rc/avis/24/6393 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures le 27 novembre 2024, référence 322/24/CR.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 4 décembre 2024.

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

**16. Approbation d'un compromis d'échange**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le compromis d'échange du 7 novembre 2024 aux clauses et conditions y retenues et portant sur l'échange décrit sous le point ci-dessus.

**17. Approbation d'un compromis de vente**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le compromis de vente du 7 novembre 2024 entre la commune de Reckange-sur-Mess et une famille composée de trois héritiers demeurant dans la commune de Reckange-sur-Mess, concernant l'acquisition d'un pré situé à «In den Untersten Strachen», à Wickrange, d'une contenance de 29 ares 10 centiares. Cette acquisition est faite dans un but d'utilité publique, en vue de disposer d'une réserve foncière pour y réaliser des mesures de compensation obligatoires lors de la réalisation de projets communaux, ou de pouvoir échanger des terrains de qualité labourable similaire.

**18. Approbation du plan de gestion annuel de l'exercice 2025**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le plan de gestion présenté par l'Administration de la Nature et des Forêts, arrondissement Sud pour le triage de Leudelange – forêt communale de Reckange-sur-Mess. Ce plan de gestion comprend les frais liées à la protection de la nature en milieu ouvert, à la gestion durable et protection des forêts, à la protection des ressources cynégétiques et de la faune sauvage, à la sensibilisation et information du public, à la logistique, au service au tiers et à la gestion du personnel.

**19. Enseignement musical - approbation de l'organisation scolaire 2024/2025 rectifiée et de l'avenant à la convention**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le budget rectificatif établi le 29 octobre 2024 entre l'administration communale de Reckange-sur-Mess et l'école de musique UGDA, avenant aux termes duquel les frais relatifs à l'organisation des cours de musique pour l'année scolaire 2024/2025 ont baissés. De même, il approuve à l'unanimité les modifications de l'organisation des cours de musique de l'année scolaire 2024/2025, telles que présentées par le collège échevinal. Ces rectifications indiquent les qualifications des enseignants, la modification de la durée hebdomadaire de certains cours, le rectificatif des inscriptions ainsi que la communication des certificats des examens de langue des chargés de cours.

**20. Création d'un emploi d'insertion pour les demandeurs d'emploi de longue durée (EMI)**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la création d'un nouvel emploi d'insertion pour les demandeurs d'emploi de longue durée (EMI) sous le statut de salarié à tâche manuelle classé dans la carrière A3 de la convention de travail des salariés des communes du sud. En effet, l'effectif actuel du personnel communal ne permet plus de répondre de manière adéquate à l'ensemble des missions qui lui sont confiées et les compétences requises pour l'accomplissement de ces tâches nécessitent la création d'un nouveau poste adapté. De même, il a été considéré nécessaire de favoriser l'insertion professionnelle des demandeurs d'emploi de longue durée afin de contribuer activement à la réduction du chômage persistant. (Plus d'informations sous le point 1.)

**21. Commission des sports - Remplacement d'un membre**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le remplacement d'un membre de la commission des sports. Il prend en compte la démission d'un ancien membre et la candidature d'un nouveau prétendant pour le poste vacant au sein de la commission a été approuvée.

**22. Décision sur l'octroi de subsides extraordinaires**
a) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'allocation d'un subside extraordinaire de 3.000 € au Cycling Team Kayldall, qui permettra de couvrir une partie des frais liés à l'organisation de l'événement Urban Nightcross, dont notamment les prix pour les vainqueurs de chaque catégorie.
b) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'allocation d'un subside extraordinaire de 2.000 € au Downhill & Mountainbike Club Reckange-sur-Mess, qui permettra de couvrir une partie des frais liées à l'entretien de la piste de downhill à Reckange.
c) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'octroi d'un subside extraordinaire de 2.000 € en faveur de l'ALAEC, l'Association luxembourgeoise d'aide aux enfants cardiaques a.s.b.l., montant récolté dans le cadre du «Halloweenlaf», la grande course d'Halloween du 21 octobre 2024.

**23. Approbation de contrats de concession temporaire du cimetière de la commune de Reckange-sur-Mess**
Le conseil communal approuve à l'unanimité les contrats de concession temporaire du cimetière de la commune de Reckange-sur-Mess.

**24. Divers (questions au collège échevinal)**
En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment des doléances sur la disponibilité du Ruffbus, le bus à l'appel des communes de Reckange-sur-Mess et de Leudelange.

## Sëtzung vum Gemengerot vum 14. November 2024

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Christian Tolksdorf, Marc Ludwig (Schäffen), Sonja Heyard, Robert Leclerc, Nicole Thorn, Claire Pépin, Yann Kohl (Conseillers), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

**Entschëllegt:** Dominique Da Costa (Conseiller)

**Huis-Clos-Seance:**
D'Punkten 1 an 2 betreffen d'Gemengepersonal a goufen dohier an enger Huis-Clos-Seance behandelt.

**3. Informatioune vum Schäfferot**

- Den 3. Oktober 2024 huet de Schäfferot e Mataarbechter vum Sevice de proximité Hexemeeschter empfaange fir him, op Basis vu senge gudde Kompetenzen, eng Insertiounsplaz fir Laangzäitchômeuren (EMI - emploi d'insertion pour les demandeurs d'emploi de longue durée) virzeschloen fir déi rechtlech véier Joer bis zu senger Pensioun z'iwwerbrécken. Dës Postëkreatioun krut och e favorabelen Avis vun der Personaldelegatioun.
- Den 9. Oktober 2024 huet eng Entrevue mat de Vertrieder vum GridX-Komplex zu Wickreng stattfonnt, bei deem sech iwwert déi zukünfteg Aktivitéiten ausgetosch gouf, déi um Site stattfanne wäerten. D'Vertrieder vum GridX géingen hiert Gebai gären den Awunner vu Reckeng op der Mess a Monnerech presentéieren, am Kader vun engem Dag vun den oppenen Dieren, dee fir Ugangs 2025 organiséiert gëtt. De GridX wäert am Juni 2025 a Betrib goen, an offiziell am Hierscht 2025 seng Dieren opmaachen.
- De selwechten Dag huet en neie Workshop zum Thema Neibau vun der Grondschoul Kleesebierg stattfonnt, a Géigewaart vum Schäfferot, vum Service Technique, vum Architekt a vu Vertrieder vum Schoulpersonal.
- De 16. Oktober 2024 huet de Schäfferot sech mat enger Famill aus der Rue du Bois vu Wickreng getraff fir sech iwwert de Kaf vu verschiddene Parzellen an där Strooss z'ënnerhalen, dëst am Kader vum Bauprojet vun der Senioreresidenz.
- De 17. Oktober 2024 huet eng Aarbechtsreunioun vum Gemengerot stattfonnt zum Thema Entwécklung vum Bauprojet vun der Reckenger Schoul, a Géigewaart vum Architektebüro, dee fir d'Ausschaffung vum Projet zoustänneg ass.
- De selwechten Dag huet eng Versammlung mat all de Presidenten a Sekretäre vun de Kommissioune vun der Gemeng stattfonnt. Dës Reunioun hat zum Zil, d'Kommissiounsaktivitéite besser ronderëm d'Gemengen- an Atelierpersonal ze strukturéieren.
- De selwechten Dag gouf d'Leierpersonaldelegatioun vun Schäfferot ageluede fir d'Entwecklung vum Neibauprojet vun der Reckenger Grondschoul virzestellen.
- Den 21. Oktober 2024 huet, am Kader vun der Planifikatioun vun der Senioreresidenz zu Wickreng, eng nei Reunioun mam Dippecher Schäfferot, mat Vertrieder vun der Betribsfirma a vun der Firma, déi déi finanziell Organisatioun iwwerhëlt, stattfonnt. Dës Versammlung hat d'Zil, déi verschidde Wirtschafts- a Finanzéierungsforme vun der Residenz z'identifizéieren.
- De 24. Oktober 2024 huet eng Reunioun mam Architekt vum Centre de Rencontre zu Éileng stattfonnt, wou zënter 2018 eng ganz Reih Dysfonctionnementer identifizéiert goufen. Déi verschidde Beruffsstänn wäerten op d'Plaz geruff gi fir d'Problemer ze behiewen.
- De 6. November 2024 hunn den Här Buergermeeschter Carlo Muller an de Gemengesekretär un der alljäreger Editioun vun der Plattform Jugendhaus deelgeholl. An deem Kader krute si zwee nei Uspriechpartner beim Bildungs- a Jugendministère virgestallt. Bei dëser konstruktiver Reunioun huet sech dat gutt Funktionnement vum Jugendhaus a säin Erfolleg bestätegt. Aner Diskussiounspunkten hunn d'Finanzéierung an d'Personalgestioun vun der Struktur betraff.
- De 6. November 2024 gouf d'Stee vum Hengeschtshaus zu Éileng ënnerbrach an ofgesot, well déi virgeschloen Zommen net den Erwaardunge vum Schäfferot gerecht waren.
- De 7. November 2024 huet en neie Workshop zum Thema Neibau vun der Reckenger Schoul Kleesebierg stattfonnt.
- Den 8. November 2024 huet de Schäfferot den neie Schülerrot vun der Schoul Kleesebierg op der Gemeng empfaangen an him de symbolesche Schlëssel vun der Gemeng iwwerreecht. De Schülerrot huet d'Geleeënheet ergraff fir dem Schäfferot gewëssen Doleance matzedeelen, déi de Campus an de Schoulalldag betreffen.
- Den 13. November 2024 huet de Comité de Prévention mat der Police vum Commissariat Porte du Sud stattfonnt, zesumme mat de Schäfferéit vum de Gemenge Monnerech a Schëffleng. D'Kriminalitéit an d'Tëschefäll verbleiwe weiderhin op niddregem Niveau, mee et ginn ëmmer méi Autodéifställ festgestallt: D'Abriecher ginn op gutt Gléck un d'Autosdiere klenschen, a munch Autoe goufen einfach net zougespaart.
- De selwechten Dag huet eng Reunioun mat der Firma LuxConnect stattfonnt, fir eng Konventioun z'ënnerschreiwen iwwert d'Resilienz vun de Kommunikatiounskanäl, also iwwert d'Verbes-

serung vun hirer Zouverlässegkeet a Sécherheet. An där Iddi gouf et fir noutwenneg gehal, e gemengeneegent Glasfasernetzwierk z'erstellen, déi d'Risike vu Cyberugréff, Bränn oder änleche Katastrophe minimiséiert, déi d'Kontinuitéit vun de Gemengeservicer an den Dateschutz geféierde kéinten. Fir all Meter Kanal, deen d'Gemeng leet a LuxConnect zur Verfügung stellt, kritt d'Gemeng 6 Meter Glasfaser als Géigeleeschtung offréiert. Heibäi handelt et sech also net ëm ee finanziellen, mee ëm ee materiellen Tosch, woubäi d'Gestiounskäschten der Firma opleien.

- Fir an d'Kalenner
  - Samschdes, de 16. November 2024 fënnt den Dag vun den oppenen Dieren an der neier Maison Relais statt, dëst vun 10.00 bis 15.00 Auer.
  - Donneschdes, den 12. Dezember 2024 fënnt déi lescht ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot statt, wärend där de Budget vum Joer 2025 presentéiert, beschwat a gestëmmt gëtt.

4. **Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

5. **Geneemegung vun extraordinären Devisen**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg zwee extraordinär Devisen iwwert den Austausch vun de Fënsteren am Gemengenatelier an iwwert de Reamenagement vun der Rue de la Montée zu Reckeng. Beim Leschten handelt et sech ëm en zousätzlechen Devis deen d'Käschte vun onerwaarten Aarbechten deckt, esouwéi déi zousätzlech Käschten, déi duerch d'Steigerung vum Index vun de Baupräisser entstane sinn.

6. **Entscheedung iwwert de Virprojet vun engem groussherzogleche Reglement, deen de Leidelenger Bësch an den Obeler Bësch zu enger geschützter Zon am nationalen Interessi an zu engem ekologesche Korridor ernennt - Avis vum Gemengerot iwwert d'Reklamatiounen déi un de Schäfferot adresséiert goufen.**
   Andeems all d'Reklamatiounen betruecht gi sinn, déi am Kader vun dësem Virprojet beim Schäfferot agaange sinn, entscheet de Gemengerot eestëmmeg follgenden Avis ofzeginn, deen och dem Ëmweltministère vermëttelt gëtt:
   - D'Verbuets- oder Aschränkungsmoossnamen, déi am Gesetz verankert sinn, musse fir déi betraffen Ackerbauparzelle preziséiert ginn,
   - De Minister muss zu der Nohaltegkeet vun de landwirtschaftlechen Aktivitéiten op dëse Parzelle Positioun ergräifen,
   - De Minister muss sech géigeniwwer der Wichtegkeet vun dësen Ackerbauparzelle an engem geschützte Bëschëmfeld positionnéieren,
   - Ënner Ëmstänn muss de Perimeter iwwerschafft ginn an déi betraffe Parzellen ausgeschloss ginn,
   - De Minister muss d'Reklammanten informéieren.

7. **Entscheedung iwwert d'Upassung vun engem PAG no engem Geriichtsurteel, dee Parzellen „Im Bourpesch" zu Wickreng betrëfft - Avis vum Gemengerot iwwert eng Reklamatioun, déi beim Inneministère ofgi gouf**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Bäibehale vu senger Decisioun, der Entscheedung vum Verwaltungsgeriicht nozekommen, an déi betraffe Parzellen urbanisabel ze maachen. Dës Terraine mat enger Servitude „étude de sol" ze belaaschten, dëst trotz der Reklamatioun, déi beim Här Inneminister agaangen ass, nom Affichage vun der Geneemegung vun der Adaptatioun vum PAG „Im Bourpesch" zu Wickreng.

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 26 septembre 2024, a **approuvé un nouveau règlement communal portant fixation de la redevance assainissement sur l'eau destinée à la consommation humaine de la commune de Reckange-sur-Mess** à partir du 1er janvier 2025. Cette décision a été approuvée par arrêté grand-ducal le 18 novembre 2024 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures le 27 novembre 2024, référence FC05-2024-A355.

Le texte de ce règlement-taxe est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 29 novembre 2024.

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

Administration communale de Reckange-sur-Mess

AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 26 septembre 2024, a **approuvé un nouveau règlement communal portant fixation de la redevance assainissement sur l'eau destinée à la consommation humaine de la commune de Reckange-sur-Mess** à partir du 1er janvier 2025. Cette décision a été approuvée par arrêté grand-ducal le 18 novembre 2024 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures le 27 novembre 2024, référence FC05-2024-A355.

Le texte de ce règlement-taxe est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 29 novembre 2024.

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

8. **Geneemegung vun dräi Morcellementer**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dräi Morcellementer vun Terrainen an der Rue de la Montée zu Reckeng op der Mess, an der Rue de l'Ecole zu Éileng an „Auf der Proischtheck" a „Rue de Geisen" zu Lampech, fir dës Parzellen dem Bau zouzeweisen.

9. **Geneemegung vun engem temporäre Verkéiersreglement zu Wickreng**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en temporäert Verkéiersreglement zu Wickreng fir de Verkéiersfloss ze verbesseren, d'Sécherheet vun de Benotzer an de gudden Oflaf vum Chantier ze garantéieren. An deem Sënn mussen d'Automobilisten an Zukunft no riets ofbéien um Niveau vun der Kräizung mam Zougang Richtung Haus Nummer 3 op der Dräikantonsstrooss, wann een den Akafszentrum verléisst. Dës Moossnam trëtt schonn den 11. Oktober 2024 a Kraaft a wäert bis zum Schluss vun den Aarbechte bestoë bleiwen, viraussiichtlech bis den 31. Dezember 2025.

10. **Geneemegung vun dräi Decompten iwwert extraordinär Aarbechten**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dräi Decompten iwwert extraordinär Aarbechten am Kader vum Austausch vun der Kanalisatioun an der Dräikantonsstrooss zu Dippech-Gare, vu Kanalaarbechten zu Éileng an zum Reamenagement vum Haff vun der aler Schoul zu Éileng.

11. **Geneemegung vun enger Konventioun mat der Firma LuxConnect S.A.**
De Gemengerot geneemegt eestëmmegt eng Konventioun iwwert d'Benotzung an dem Deele vun Infrastrukturen, déi de 7. November 2024 tëschent der Firma LuxConnect S.A. an dem Schäfferot vun der Gemeng Reckeng op der Mess ënnerschriwwe gouf. (Méi Informatioun ënnert dem Punkt 3)

12. **Office social commun - Geneemegung vun enger Konventioun fir d'Joer 2024**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Konventioun vum 23. September 2024 tëschent dem Lëtzebuerger Stad an de Gemenge Bartreng, Dippech, Kielen, Koplescht, Leideleng, Mamer a Reckeng op der Mess. Dës Konventioun, déi d'Bezéiungen tëscht de genannte Parteie festhält a Bezuch op d'Organisatioun an d'Finanzéierung vun den Aktivitéite vum Office social commun zu Mamer, gëtt der Geneemegung vun der iweschter Autoritéit virgeluecht.

13. **Geneemegung vun der Convention tripartite 2024 fir d'Maison Relais**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Convention tripartite 2024 tëschent dem Stat, der Gemeng Reckeng op der Mess an dem Lëtzebuerger Roude Kräiz. Dës Konventioun erstreckt sech vum 1. Januar 2024 bis den 31. Dezember 2024 an hält déi detailléiert Bestëmmungen iwwert d'Fonctionnement an d'finanziell Gestioun fest. Ënner anerem gëtt och de statlechen Bäitrag an de Gemengebäitrag via Virbezuelungen un de Prestataire festgehalen, dee sengersäits d'Käschte vum Fonctionnement iwwerhëlt.

14. **Geneemegung vu fënnef Notairesakten**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg fënnef Notairesakten: Zwou betreffe gratis Cessioune vun Terrainen an der Rue du Centre zu Éileng an an der Rue de la Fontaine zu Reckeng op der Mess, dëst am ëffentlechen Interessi. Den drëtte betrëfft de Bau vun enger Servitude an der Cité Klenge Lehm zu Reckeng op der Mess. De véierte betrëfft de Kaf vu 40 Parzellen op dem Territoire vun der Gemeng, dëst am ëffentlech Interessi, fir Terrainen op Reserve zu hu fir op hinnen eventuell obligatoresch Kompenséierungsmoossname beim Amenagement vu Gemengeprojeten ze realiséieren, oder fir se géint qualitativ änlech Terrainen tauschen ze kënnen. De fënneften Akt betrëfft de Kaf vun néng Ackerlandparzellen, déi sech „In den Roederstrachen" zu Éileng befannen.

15. **Entscheedung iwwert d'Reklassement vun engem ëffentleche Gemengenterrain an ee private Gemengenterrain**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Reklassement vun engem Terrain an der Rue du Bois zu Wickreng, vum ëffentlechen an de private Gemengeberäich, sou dass op dësem e Passage laanscht d'Gemengenhal amenagéiert ka ginn.

16. **Geneemegung vun engem Compromis d'échange**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Compromis d'échange vum 7. November 2024, mat all senge Bestëmmungen a Bedéngungen, déi sech op den Tosch am viregte Punkt bezitt.

17. **Geneemegung vun engem Compromis de vente**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Compromis de vente vum 7. November 2024 tëschent der Gemeng Reckeng op der Mess an enger Famill vun dräi Ierwen, déi allendräi Awunner vun der Gemeng Reckeng op der Mess sinn, iwwert de Kaf vun enger Wiss vun 29 Ar an 10 Zentiar zu Wickreng, „In den Untersten Strachen". Och dëse Kaf fënnt statt am ëffentlech Interessi, fir Terrainen op Reserve zu hu fir op hinnen eventuell obligatoresch Kompenséierungsmoossname beim Amenagement vu Gemengeprojeten ze realiséieren, oder fir se géint qualitativ änlech Terrainen täuschen ze kënnen.

18. **Geneemegung vum Gestiounsplang fir d'Joer 2025**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Gestiounsplang, esou wéi e virgestallt gouf vun der Administration de la Nature et des Forêts, arrondissement Sud pour le triage de Leudelange – forêt communale de Reckange-sur-Mess. Dëse Plang beschreift d'Käschte vum Naturschutz am oppene Raum, vun der nohalteger Gestioun a vum Bëschschutz, vum Juegdressourcen- a Wëldschutz, vun der Sensibiliséierung an der Informatioun vun de Bierger, vun der Logistik, vun den Déngschtleeschtungen un Drëttpersounen a a vun der Personalgestioun.

**19. Museksunterrecht - Geneemegung vun der rektifizéierter Schoulorganisatioun 2024/2025 a vum Avenant zu der Konventioun**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Budget rectificatif, deen den 29. Oktober 2024 tëschent der Gemeng Reckeng op der Mess an der Museksschoul UGDA erstallt gouf, en Avenant an deem festgehale gouf, dass d'Käschte fir d'Organisatioun vun de Musekscoursë vum Joer 2024/2025 erofgaange sinn. De Gemengerot geneemegt och eestëmmeg d'Ännerunge vun der Organisatioun vun de Musekscoursë vum Joer 2024/2025, sou wéi si der Gemeng Reckeng op der Mess vun der Museksschoul UGDA virgestallt goufen. Dës Ännerunge betreffen d'Ugab vun de Qualifikatioun vum Léierpersonal, d'Ännerung vun der Dauer vu verschiddene wéchentleche Coursen, d'Rektifikatioun vun den Aschreiwungen an d'Kommunikatioun vun de Sproochenexamens-Zertifikate vun de Chargé de Cours.

**20. Kreatioun vun engem Poste fir d'Insertioun vu Laangzäitchômeuren - emploi d'insertion pour les demandeurs d'emploi de longue durée (EMI)**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Kreatioun vun engem neien EMI-Posten ënnert dem Statut vum salarié à tâche manuelle an der Carrière A3 vun der Convention de travail des salariés des communes du sud. D'Quantitéit u Missiounen, där de Gemengenatelier ausgesat ass, ass momentan esou grouss, dass déi aktuell Opstellung net duergeet. D'Kompetenzen, déi fir dës Missiounen néideg sinn, verlaangen d'Kreatioun vun engem neien, adaptéierte Posten. Am selwechten Otemzuch gouf et als noutwenneg erkläert, déi professionell Insertioun vu Laangzäitchômeuren z'ënnerstëtzen an esou en aktive Bäitrag zur Reduzéierung vun der unhalender Aarbechtslosegkeet ze leeschten. (Méi Informatiounen ënnert dem Punkt 3)

**21. Sportskommissioun - Ersetzung vun engem Member**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ersetzung vun engem Member aus der Sportskommissioun. E berécksiichtegt dofir d'Kënnegung vun engem ale Member an d'Kandidatur vun engem neie Bewerber fir den oppene Posten an der Kommissioun nei ze besetzen.

**22. Entscheedung iwwert d'Allokatioun vun extraordinäre Subsiden**

a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Allokatioun vun engem extraordinäre Subsid vun 3.000 € fir de Cycling Team Kayldall, deen et erméigleche wäert, en Deel vun de Käschten ze decken, déi am Kader vun der Organisatioun vum Urban Nightcross ufalen, ënner anerem d'Präisgelder fir d'Gewënner aus all Kategorie.

b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Allokatioun vun engem extraordinäre Subsid vun 2.000 € fir den Downhill & Mountainbike Club Reckeng op der Mess, deen et erméigleche wäert, en Deel vun de Käschten ze decken, déi fir den Entretien vun der Downhillpiste ufalen.

c) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Allokatioun vun engem extraordinäre Subsid vun 2.000 € fir d'ALAEC a.s.b.l., d'Lëtzebuerger Associatioun fir d'Hëllef fir häerzkrank Kanner. Dëse Betrag gouf am Kader vum Halloweenlaf 2024 gesammelt.

**23. Geneemegung vun temporäre Concessiounen um Kierfecht vun der Gemeng Reckeng op der Mess**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg temporär Concessiounen um Kierfecht vun der Gemeng Reckeng op der Mess.

**24. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**

Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem zu Doleancen iwwert d'Disponibilitéit vum Ruffbus, där gemeinsamer Navette vun de Gemenge Reckeng op der Mess a Leideleng.

LU Alert
DEN NATIONALE WARNSYSTEM

Luet d'LU-Alert App erof.
www.lu-alert.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

## Séance du conseil communal du 12 décembre 2024

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Christian Tolksdorf, Marc Ludwig (échevins), Sonja Heyard, Robert Leclerc, Nicole Thorn, Dominique Da Costa, Claire Pépin, Yann Kohl (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

Monsieur le bourgmestre Carlo Muller propose aux membres du conseil communal d'ajouter deux points d'urgence à l'ordre du jour de cette séance, concernant l'approbation de concessions temporaires sur le cimetière forestier à Dippach et l'approbation d'un compromis de vente. Ces points seront délibérés en fin de réunion, avant la discussion budgétaire.

1. **Informations du collège échevinal**
   - Le 18, 20 et 21 novembre 2024 a eu lieu la semaine du climat, nommée « Ensemble pour le climat », projet commun entre les communes de Reckange-sur-Mess, Dippach et Garnich. La soirée thématique de Reckange-sur-Mess a porté sur la rénovation énergétique et sur l'évaluation des résultats du cadastre thermographique grâce à des images aériennes avec des caméras thermiques. Dès l'année prochaine, les résidents pourront demander un rapport sur l'état de leur propre toit auprès de la commune.
   - Le 23 novembre 2024, la Commission de l'environnement a organisé la Journée de l'arbre, lors de laquelle un ostrier a été planté à proximité de l'aire de jeux «An der Reispelt» à Reckange-sur-Mess, en honneur de tous les nouveaux-nés sur le territoire de la commune.
   - Le 28 novembre 2024 a eu lieu une réunion de travail du collège échevinal autour du budget de l'exercice 2025.
   - Le 4 décembre 2024 a eu lieu la Plateforme Maison Relais, lors de laquelle le collège échevinal s'est réuni avec la chargée de direction de la Maison Relais et des représentants de la Croix-Rouge Luxembourgeoise. Cette réunion a permis de tirer un bilan de l'année écoulée et de se projeter vers l'année à venir.
   - L'autorisation de bâtir pour les deux nouvelles résidences «Op de Quäärten» à Éhlange a été émise, le début des travaux est prévu pour le printemps 2025.
   - La commune a obtenu son premier «certificat Pacte Nature», un premier palier de 44,25% ayant été atteint, la certification de base. Le collège échevinal remercie l'échevin en charge de ce pacte, ainsi que l'équipe qui l'a épaulé dans cette démarche.
   - À vos calendriers :
     - La fête du personnel de la commune de Reckange-sur-Mess aura lieu le 24 janvier 2025.
     - La prochaine séance publique du conseil communal aura lieu le 13 février 2025.

2. **Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

3. **Approbation de devis pour travaux extraordinaires**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité deux devis pour travaux extraordinaires portant sur la prolongation d'une conduite d'eau potable au niveau du croisement de la rue du Bois et de la rue des Trois Cantons à Wickrange et sur le réaménagement des anciennes salles de la Maison Relais en salles de classe pour l'école fondamentale.

4. **Approbation d'un règlement temporaire de la circulation à Reckange-sur-Mess**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité un règlement temporaire de la circulation à Reckange-sur-Mess pour la mise en service d'un arrêt de bus provisoire nommé «Huelbecht» à Reckange-sur-Mess pendant la durée des travaux concernant le contournement de Dippach. Cet arrêt de bus supplémentaire sera aménagé avant la barrière du passage ferroviaire de Dippach-Gare, pour permettre une descente du bus tout en sécurité. Le cas échéant, cela permettra également de ne pas rater sa correspondance avec le train en cas de file causée par la fermeture de la barrière.

5. **Décision quant au recours du fonds de réserve pacte logement**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité de recourir au fonds de réserve pacte logement pour le paiement partiel des factures relatives à la construction du nouveau bâtiment de la Maison Relais à Reckange-sur-Mess. Il s'agit là d'une recette inscrite au budget extraordinaire de l'exercice 2024, dont la somme est constituée des allocations de l'État en faveur de la commune, dans le cadre de l'accroissement de la population et de l'engagement de la commune en ce qui concerne la bonne utilisation du foncier. Ces allocations sont destinées à être investies dans des projets à caractère d'infrastructure publique, tel que la construction de la nouvelle Maison Relais.

6. **Participation aux frais de fonctionnement de la fête culturelle «Multikulti» - Fixation du montant**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité de maintenir, pour les éditions futures de l'événement «Multikulti», une participation financière pour chaque stand proposant des spécialités culinaires. En effet, les participants doivent avancer des frais non négligeables pour l'achat des aliments, préparations et

frais de transport. Pour cette raison, le collège échevinal propose de soutenir financièrement chaque stand participant à la fête culinaire, par l'octroi d'une participation s'élevant à 100 €.

7. **Règlement-taxe relatif à la fixation des droits d'inscription aux cours de Nordic Walking organisés en 2025**
Le conseil communal approuve à l'unanimité d'arrêter le règlement-taxe relatif à la fixation des droits d'inscription aux cours de Nordic Walking pour la session 2025. Cette taxe de participation, qui s'élève à 40 €, sera due pour l'inscription aux cours de Nordic Walking organisés par la commune de Reckange-sur-Mess en collaboration avec la Commission des sports. À noter qu'il ne sera procédé à aucun remboursement de la taxe de participation, ni en entier ni en partie, sauf en cas d'annulation du cours pour cause de force majeure. Cette disposition sera spécialement mentionnée sur la fiche d'inscription et devra être signée par le participant.

8. **Approbation d'un acte notarié**
Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acte notarié d'échange de places et de terres labourables à Wickrange, appartenant à des particuliers, contre des parcelles situées «Op de Quäärten» à Éhlange et appartenant à la commune de Reckange-sur-Mess. Cet échange a lieu dans un but d'utilité publique en vue de la création d'infrastructures publiques.

9. **Approbation d'un contrat de bail**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le contrat de bail signé le 5 décembre 2024 entre POST Luxembourg et l'administration communale de Reckange-sur-Mess, portant sur la mise à disposition d'un emplacement sur une parcelle d'une contenance d'environ 60m² à Éhlange appartenant à la commune, pour l'installation d'un mât d'antennes et d'équipements annexes constituant une station de télécommunications mobiles.

10. **Approbation de quatre contrats de bail à fermage**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la signature de quatre contrats de bail à fermage concernant des terres labourables appartenant à la commune de Reckange-sur-Mess et mis à disposition de quatre agriculteurs de Reckange-sur-Mess, durant 6 ans moyennant un loyer. Ces parcelles se situent «In den Roederstrachen» à Éhlange, «Auf Buchholz», «In Brauchenthal», «Auf Kickelberg», «Im Rehder», «Bei Bedescht» et «Im Kaesberg» à Reckange.

11. **Piscine Mondercange Dippach - Approbation d'un nouvel avenant à la convention**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le nouvel avenant à la convention, signé le 25 juin 2024, entre les représentants du syndicat intercommunal Pimodi et l'administration communale de Reckange-sur-Mess, portant sur la mise à disposition de la piscine aux classes de l'enseignement fondamental de Reckange-sur-Mess, sur l'adaptation des heures d'utilisation et sur la participation financière de la commune pour l'année scolaire 2024/2025.

12. **Approbation d'un nouveau règlement interne: conseillers communaux, personnel communal et membres du service d'incendie méritants**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement interne relatif à l'allocation de cadeaux à allouer au personnel communal, aux membres du conseil communal et aux membres du service d'incendie, tel que présenté par le collège échevinal.

13. **Approbation de contrats de concession temporaire du cimetière de la commune de Reckange-sur-Mess**
Le conseil communal approuve à l'unanimité les contrats de concession temporaire du cimetière de la commune de Reckange-sur-Mess.

**Points d'urgence**

- **Approbation d'un compromis de vente**
Le collège échevinal approuve à l'unanimité le compromis de vente pour l'acquisition d'un terrain de 10 centiars auprès d'une famille résidant dans la rue du Bois à Wickrange, permettant de compléter l'aménagement du chemin d'accès longeant la hall communal.

- **Approbation de contrats de concession temporaire du cimetière en forêt de Dippach**
Le conseil communal approuve à l'unanimité les contrats de concession temporaire du cimetière en forêt de Dippach.

14. **Budget rectifié de l'exercice 2024 - présentation, discussion et vote**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le budget rectifié de l'exercice 2024, tel qu'il a été présenté par le collège échevinal. Pour plus de détails, nous vous invitons à consulter l'édition spéciale du bulletin communal «Budget 2025». Vous le trouverez dans votre boîte aux lettres en février 2025.

15. **Budget de l'exercice 2025 - présentation, discussion et vote**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le budget de l'exercice 2025, tel qu'il a été présenté par le collège échevinal. Ici aussi, pour plus de détails, nous vous invitons à consulter l'édition spéciale du bulletin communal «Budget 2025» que vous trouverez dans votre boîte aux lettres en février 2025.

16. **Divers (questions au collège échevinal)**
En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant les possibilités d'installation de panneaux de circulation dessinés par les élèves de l'école fondamentale, dans le cadre d'une initiative proposée par la Commission des jeunes.

## Sëtzung vum Gemengerot vum 12. Dezember 2024

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Christian Tolksdorf, Marc Ludwig (Schäffen), Sonja Heyard, Robert Leclerc, Nicole Thorn, Dominique Da Costa, Claire Pépin, Yann Kohl (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

Den Här Buergermeeschter Carlo Muller schléit dem Gemengerot vir, zwee drénglech Punkten op d'Dagesuerdnung vun dëser Sëtzung bäizesetzen. Hei geet et ëm d'Geneemegung vun engem Verkafsakt an d'Geneemegung vun temporäre Concessiounen um Bëschkierfecht zu Dippech. Iwwert dës Punkte ginn zum Schluss vun der Seance deliberéiert, virun der Budgetsdiskussioun.

**1. Informatioune vum Schäfferot**

- Den 18., 20. an 21. November 2024 huet d'Klimawoch „Zesumme fir d'Klima" stattfonnt, e gemeinsame Projet vun de Gemenge Reckeng op der Mess, Dippech a Garnech. Den themateschen Owend vu Reckeng huet sech mat der energetescher Renovatioun a mat der Evaluatioun vun de Resultater vum Thermographiekadaster unhand vu Loftopname mat Wäermebildkamerae beschäftegt. Ab dem nächste Joer kënnen d'Bierger bei der Gemeng ee Rapport iwwert den Zoustand vun hirem eegenen Daach ufroen.
- Den 23. November 2024 huet d'Ëmweltkommissioun den Dag vum Bam organiséiert, am Kader vun deem eng Happbich op der Spillplaz bei der Cité Reispelt zu Reckeng geplanzt gouf an Éiere vun all deenen neigebuerene Reckenger Kanner.
- Den 28. November 2024 huet eng Aarbechtsreunioun vum Gemengerot stattfonnt ronderëm d'Opstellung vum Budget vum Joer 2025.
- De 4. Dezember 2024 huet d'Plattform Maison Relais stattfonnt, wou de Schäfferot mat der Chargée de Direction vun der Maison Relais a mat Vertrieder vum Lëtzebuerger Roude Kräiz e Bilan vum ofgelafene Joer gezunn huet a sech an dat nächst Joer projezéiert huet.
- D'Baugeneemegung fir déi zwou Residenzen „Op de Quäärten" zu Éileng ass elo do. D'Aarbechte solle viraussiichtlech am Fréijoer 2025 starten.
- D'Gemeng huet säin éischten Naturpakt-Zertifikat erhalen, woubäi en éischte Pallier vu 44,25% erreecht gouf, d'Certification de base. De Schäfferot seet dem zoustännege Schäffe Merci fir seng Aarbecht, esouwéi der Naturpakt-Equipe, déi hien a senger Demarche ënnerstëtzt huet.
- Fir an d'Kalenner:
  - D'Personalfeier vun der Gemeng Reckeng op der Mess fënnt de 24. Januar 2025 statt.
  - Déi nächst ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot fënnt den 13. Februar 2025 statt.

**2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

**3. Geneemegung vun Devise fir extraordinär Aarbechten**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg zwee Devise fir extraordinär Aarbechten, déi d'Verlängerung vun enger Drénkwaasserleitung um Niveau vun der Kräizung bei der Rue du Bois an der Dräikantonsstrooss zu Wickreng betreffen an déi de Reamenagement vun de Klassesäll aus der aler Maison Relais als Grondschoulklassesäll betreffen.

**4. Geneemegung vun engem temporäre Verkéiersreglement**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg een temporäert Verkéiersreglement zu Reckeng op der Mess fir d'Mise en service vun enger provisorescher Bushaltestell "Huelbecht" zu Reckeng op der Mess, wärend den Aarbechte vum Contournement vun Dippech-Gare. Dësen zousätzlechen Arrêt virun der Barrière vun Dippech-Gare gëtt amenagéiert fir a Sécherheet aus dem Bus klammen ze kënnen. Am Fall wou de Bus an der Schlaang steet, hunn d'Benotzer dann d'Méiglechkeet, zu Fouss op d'Gare ze komme fir hir Korrespondenz mam Zuch net ze verpassen.

**5. Entscheedung fir op de Fonds de réserve pacte logement zeréckzegräifen**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Zeréckgräifen op de Fonds de réserve pacte logement fir en Deel vun de Rechnunge vum Bau vun der neier Maison Relais zu Reckeng op der Mess ze decken. Bei dësem Fonds handelt et sech ëm eng Recette aus dem extraordinäre Budget vum Joer 2024 an dës Zomm besteet aus statlechen Allocatioune fir d'Gemeng, am Kader vun der Bevëlkerungsvergréisserung an dem Engagement vun der Gemeng géigeniwwer der gudder Notzung vum Grondbesëtz.

**6. Bedeelegung un de Fonctionnementskäschte vum Multikulti-Fest**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Bäihale vun enger finanzieller Bedeelegung fir d'Participante mat kulinaresche Stänn vun den zukünftegen Ausgabe vum Multikulti-Fest. Effektiv ass et esou, dass déi eenzel Participante relativ héisch Zomme virstrecke musse fir d'Käschte vun de Réihstoffer, der Preparatioun an dem Transport ze decken. Aus dësem Grond schléit de Schäfferot vir, all Stand vum Multikulti mat enger finanzieller Hëllef vum 100 € z'ënnerstëtzen.

**7. Taxereglement iwwert d'Aschreiwungsrechter fir d'Nordic-Walking-Coursen**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Arrêt vun engem Taxereglement iwwert d'Fixatioun vun

den Aschreiwungskäschte fir d'Nordic-Walking-Course vum Joer 2025. Dës Participatiounstax, déi sech op 40 € beleeft, muss bezuelt gi fir sech kënnen an dës Coursen anzeschreiwen, déi vun der Gemeng Reckeng op der Mess, an Zesummenaarbecht mat der Sportskommissioun, organiséiert ginn. Et gëtt festgehal, dass dës Käschte weder ganz nach deels réckerstatt ginn, ausser am Fall vun enger Annulatioun wéinst héijerer Gewalt. Dës Dispositioun wäert speziell um Umeldeformulaire erwäänt sinn a muss vum Participant ënnerschriwwe ginn.

8. **Geneemegung vun engem Notairesakt**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Tauschakt vun Ackerlandplazen an Terrainen zu Wickreng, déi Privatpersoune gehéieren, géint Parzellen "Op de Quäärten" zu Éileng, déi der Gemeng Reckeng op der Mess gehéieren. Dësen Tosch fënnt am ëffentlechen Interessi statt, fir de Bau vun ëffentlechen Infrastrukturen.

9. **Geneemegung vun engem Mietvertrag**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg e Mietvertrag tëschent der POST Lëtzebuerg an der Gemeng Reckeng op der Mess, deen de 5. Dezember 2024 ënnerschriwwe gouf fir d'Zurverfügungstellung vun enger Parzell vu 60 m$^2$ zu Éileng, déi der Gemeng gehéiert, am Kader vun der Installatioun vun engem Antennëmast an annexen Equipementer vun enger mobiler Telekommunikatiounsstatioun.

10. **Geneemegung vu véier Pachtverträg**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ënnerzeechnung vu 4 Pachtverträg iwwert Ackerlandparzellen, déi der Gemeng gehéieren an déi 4 verschidde Baueren aus der Gemeng géint e Loyer zur Verfügung gestallt ginn, dëst wärend 6 Joer. Dës Parzelle befanne sech „In den Roederstrachen" zu Éileng an „Auf Buchholz", „In Brauchenthal", „Auf Kickelberg", „Im Rehder", „Bei Bedescht" an „Im Kaesberg" zu Reckeng.

11. **Piscine Monnerech Dippech - Geneemegung vun engem neien Avenant zu der Konventioun**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den neien Avenant zu der Konventioun, deen de 25. Juni 2024 tëschent de Vertrieder vum Syndicat intercommunal Pimodi an der Gemeng Reckeng op der Mess ënnerschriwwe gouf, an deen d'Modalitéite fir d'Zurverfügungstellung vun der Schwemm fir d'Reckenger Grondschoulklasse festhält, souwéi d'Upassung vun de Schwammstonnen an déi finanziell Bedeelegung vun der Gemeng fir d'Schouljoer 2024/2025.



**De Bicherbus zu Eileng op der Mess: 14.30 - 15.30**
07.03.2025 • 28.03.2025 • 18.04.2025 • 30.05.2025
20.06.2025 • 11.07.2025 • 01.08.2025

12. **Geneemegung vun engem neien interne Reglement: Éierung vu Gemengeréit, Gemengepersonal a Pompjeeën**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg een internt Reglement betreffend de Kaddoe fir d'Éierung vu Gemengeréit, Gemengepersonal a Pompjeeën, sou wéi et vum Schäfferot virgestallt gouf.

13. **Geneemegung vun temporäre Concessiounen um Kierfecht vun der Gemeng Reckeng op der Mess**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg temporär Concessiounen um Kierfecht vun der Gemeng Reckeng op der Mess.

**Drénglech Punkten**

- **Geneemegung vun engem Verkafsakt**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Verkafsakt fir d'Uschafung vun engem Terrain vun 10 Zentiar, dee vun enger Famill aus der Rue du Bois zu Wickreng ofkaf gëtt. Dëse Kaf gëtt getätegt fir den Amenagement vum Zougangswee laanscht d'Gemengenhal ze vervollstännegen.

- **Entscheedung iwwert temporär Concessiounen um Bëschkierfecht zu Dippech**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg temporär Concessiounen um Bëschkierfecht zu Dippech.

14. **Budget rectifié vum Haushaltsjoer 2024 - Presentatioun, Diskussioun an Ofstëmmung**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Budget rectifié vum Haushaltsjoer 2024, esou wéi dëse vum Schäfferot virgestallt gouf. Mir invitéieren iech, Detailer zu dësem an eisem Gemengebuet „Spezial-Editioun Budget 2025" z'entdecken. Dëse fannt dir am Februar 2025 an ärer Bréifboîte.

15. **Budget vum Haushaltsjoer 2025 - Presentatioun, Diskussioun an Ofstëmmung**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Budget vum Haushaltsjoer 2025 esou wéi dëse vum Schäfferot virgestallt gouf. Och hei invitéiere mir iech, Detailer zu dësem an eisem Gemengebuet „Spezial-Editioun Budget 2025" z'entdecken. Dëse fannt dir am Februar 2025 an ärer Bréifboîte.

16. **Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**
Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert iwwert d'Méiglechkeete fir Verkéiersschëlder opzestellen, déi vun de Reckenger Schoulkanner gemoolt wieren, am Kader vun enger Initiativ vun der Jugendkommissioun.

06.11.2024

# Analyse d'eau potable

*Les résultats les plus récents et les analyses précédentes peuvent être consultés sur notre site www.reckange.lu/environnement/analyse-deau-potable/*

| | | | |
|---|---|---|---|
| N° échantillon: | **24-14774** | Date de début des analyses: | **06/11/2024** |
| Votre référence*: | **AEP-310-90** | **Commune de Reckange-sur-Mess** | **Reckange-sur-Mess** |
| Info complémentaire*: | **Mairie Reckange-sur-Mess** | | |
| Nature de l'échantillon*: | **eau de distribution** | | |
| Prélevé le*: | **06/11/2024 à 09:25** | Prélevé par*: | **KOHN - Wester Wassertechnik** |
| Type d'échantillonage*: | **ponctuel - hors accréditation** | | |
| Objectif ISO 19458*: | **B** | | |

**PARAMETRE(S) par section**

| | Note | Méthode | Résultat | Unité | VG | VL |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **MESURES SUR LE TERRAIN (CLIENT)** | | | | | | |
| **INDICATEURS** | | | | | | |
| Température | | | **13.8** | °C | | |
| **MICROBIOLOGIE** | | | | | | |
| **BACTÉRIES** | | | | | | |
| Bactéries coliformes | # | ISO 9308-2 | **<1** | NPP/100ml | <1 | |
| Escherichia coli | # | ISO 9308-2 | **<1** | NPP/100ml | | <1 |
| Entérocoques intestinaux | # | ISO 7899-2 | **<1** | cfu/100ml | | <1 |
| Teneur en colonies à 36°C | # | ISO 6222 | **<1** | cfu/ml | | |
| Teneur en colonies à 22°C | # | ISO 6222 | **<1** | cfu/ml | | |
| **PHYSICO-CHIMIE** | | | | | | |
| **CARACTÉRISTIQUES** | | | | | | |
| Aspect | | SOP 11300 (2) | **propre** | | | |
| Couleur | | SOP 11300 (2) | **incolore** | | | |
| Odeur | | SOP 11300 (2) | **inodore** | | | |
| **INDICATEURS** | | | | | | |
| pH | # | ISO 10523 | **7.5** | | 6.5-9.5 | |
| Température | # | DIN 38404-C4 | **17.7** | °C | | |
| Conductibilité électrique à 20°C | # | ISO 7888 | **395** | µS/cm | 2500 | |
| Turbidité | # | ISO 7027 | **<0.50** | FNU | | |
| Dureté carbonatée | # | ISO 9963-1 | **16** | d°f | | |
| Dureté totale (calculée ISO14911) | # | | **21** | d°f | | |
| **IONS** | | | | | | |
| Chlorure | #;D | ISO 10304-1 | **17** | mg/l | 250 | |
| Nitrate | #;D | ISO 10304-1 | **20** | mg/l | | 50 |
| Sulfate | #;D | ISO 10304-1 | **20** | mg/l | 250 | |
| Sodium | #;D | ISO 14911 | **9.0** | mg/l | 200 | |
| Potassium | #;D | ISO 14911 | **1.6** | mg/l | | |
| Calcium | #;D | ISO 14911 | **76** | mg/l | | |
| Magnésium | #;D | ISO 14911 | **4.3** | mg/l | | |
| **NUTRIMENTS** | | | | | | |
| Ammonium | #;D | ISO 7150-1 | **<0.02** | mg/l | 0.50 | |
| Nitrite | #;D | ISO 10304-1 | **<0.01** | mg/l | | 0.50 |

# Colonie en Corse

Durant plus d'une année un groupe de jeunes a aidé sur tous les stands communaux pour récolter de l'argent et créer eux-mêmes cette colonie. Ils ont pu choisir la destination ainsi que les activités souhaitées sur place. Pour cela ils ont fourni beaucoup d'efforts et ce séjour fut une belle récompense! Nous sommes partis du 2 au 7 septembre en Corse et nous avons profité de faire des activités nautiques et de la plage.

# Kolonie op Korsika

Zënter méi wéi engem Joer huet eng Grupp vu jonke Leit op alle Gemengestänn gehollef Sue sammelen an dës Kolonie selwer ze finanzéieren. Si konnten d'Destinatioun wéi och déi gewënschten Aktivitéiten op der Plaz wielen. Dofir hu si vill Efforte gemaach an dësen Openthalt war eng grouss Belounung! Mir si vum 2. bis de 7. September 2024 op Korsika gaangen an hu Waasseraktivitéite gemaach a vun der Plage profitéiert.






# Marché de Noël

La semaine du 24 au 30 novembre, comme chaque année nous faisons toute la semaine des biscuits de Noël avec les jeunes afin de les vendre. Plus de 15 kilos de farine ont été utilisé! Encore une fois merci car nous avons tout vendu!

# Chrëschtmaart

An der Woch vum 24. bis den 30. November maache mir mat deene Jonke wéi all Joer Chrëschtkichelcher fir se ze verkafen. Méi wéi 15 Kilo Miel goufe benotzt! Nach eng Kéier Merci dofir, well mir hunn alles verkaf!

All d'Fotoe vun eisen Events op reckange.lu /
*Retrouvez toutes les photos de nos événements sur reckange.lu*

# Halloweenlaf




Commission des Sports
Reckange-sur-Mess

## 19.10.2024

Fir den Halloweenlaf waren eis Kanner nees sportlech-grujelesch ënnerwee! Zesummen hu si - an e puer erwuesse Leefer - sech staark gemaach fir de gudden Zweck: Et konnten nämlech 2.000 € gesammelt gi fir d'ALAEC a.s.b.l., d'Lëtzebuerger Associatioun fir d'Hëllef fir häerzkrank Kanner. Dës Zomm ass zu staane komm, well d'Gemeng fir all ofgeschlossenen Tour 1 € spent. Et gouf also uerdentlech Gas ginn trotz Verkleedungen, déi mol gäre späreg a schwéier sinn oder mol verrutschen. Déi schéinsten Halloween-kreature kënnt Dir op den nächsten Säiten entdecken!

*Pour le Halloweenlaf, il y a eu du sport! Les enfants - et quelques adultes - se sont présentés vêtus de leurs déguisements les plus horrifiques pour suer pour la bonne cause: Ensemble, ils ont pu récolter 2.000 € qui seront reversés à l'a.s.b.l. ALAEC, l'Association luxembourgeoise d'aide aux enfants cardiaques. En effet, pour chaque tour complété, la commune fait don d'un euro à une œuvre charitable. Chacun a donné le meilleur de soi-même, malgré des déguisement parfois lourds et encombrants et du maquillage dégoulinant. Les créatures les plus horripilantes sont à découvrir sur les pages suivantes!*
































26
35



# 17.10.2024 - Schülerrotwalen / *Élections du conseil d'élèves*

Am Oktober gouf den neie Schülerrot gewielt. Den 8. November 2024 huet de Schäfferot vun der Gemeng Reckeng op der Mess déi jonk a motivéiert Equipe op der Gemeng empfaangen, net nëmme fir hir de symbolesche Schlëssel zur Gemeng z'iwwerreechen, mee och fir hir en oppent Ouer ze bidden an op hir Verbesserungsvirschléi ronderëm de Schoulalldag anzegoen.

*En octobre, les élèves ont élu leur nouveau conseil d'élèves. Le 8 novembre 2024, le collège échevinal de la commune de Reckange-sur-Mess a accueilli cette jeune équipe dynamique, non seulement pour lui remettre la clé symbolique de la commune, mais aussi pour lui prêter une oreille attentive et être à l'écoute de ses propositions et doléances autour du quotidien scolaire.*








SCHÜLER – ROT
SCHOUL KLEESEBIERG
RECKENG OP DER MESS

# 09.11.2024 - Concert: Luca Huberty & Friends





KULTURECK a.s.b.l.
Reckange-sur-Mess

D'Kulturkommissioun huet als Missioun, déi lokal Konscht a Kultur ze fërderen. Bei dësem Konzept geet et drëms, engem lokale Kënschtler an der Bar vum Pëtzenhaus d'Bün unzebidden, am Kader vun enger sougenannter „Carte Blanche". Fir déi zweet Editioun gouf de jonke Reckenger Museker a Sänger Luca Huberty ageluede fir säi Line-Up virzestellen. D'Waffle Killers, d'Eva Marija an d'Chrissy Noa hu mat hiren doucen, akustesche Kläng fir e Moment vun Entspanung a Glécksséilegkeet beim Publikum gesuergt.

*La Commission culturelle de Reckange a pour mission de fédérer l'art et la culture locale. Elle propose donc ce nouveau concept de «carte blanche», offrant une scène à un artiste local au bar du Centre Culturel Pëtzenhaus. Pour la seconde édition, le jeune musicien et chanteur reckangeois Luca Huberty a été invité à présenter son affiche. Les Waffle Killers, Eva Marija et Chrissie Noa ont pu plonger le public dans un univers chaleureux et apaisé.*




# 09.11.2024 - Vëlkerballturnéier / Tournoi de balle prisionnier




Dësen Turnéier, deen tëschent 6 Equipe stattfonnt huet, gouf an Zesummenaarbecht mat der Jugendkommissioun an dem Fiederball Reckeng organiséiert. An all Equipe waren tëschent 6 an 10 Spiller an d'Garnech Wolves sinn aus der Competitioun als Gewënner ervir gaangen. Merci un d'Piissenger Hütt, An Haffen, dem Pretemer Haff an dem Simon's Bistro fir déi flott Präisser, mir freeën eis op d'Editioun 2025!

*Ce tournoi, réunissant 6 équipes, a été organisé en coopération avec la Commission des Jeunes et le Fiederball Reckeng. Chaque équipe était composée de 6 à 10 joueurs et la compétition a été remportée par les Garnech Wolves. Merci à la Piissenger Hütt, An Haffen, Pretemer Haff et Simon's Bistro pour les beaux prix. Nous vous donnons rendez-vous en 2025 pour la prochaine édition!*







Commission des Jeunes
Reckange-sur-Mess














## 16.11.2024 - Portes Ouvertes Maison Relais

Am September 2024 ageweit, huet dat neit Gebai vun der Maison Relais elo seng Diere fir d'Bierger opgemaach. Ob jonk Elteren oder einfach nëmme Virwëtzeger, d'Besicher ware bont gemëscht. Um Programm stounge guidéiert Visitten, Quizen an Aktivitéite mat de Pedagogen an deene verschiddenen thematesche Säll.

*Inaugurée en septembre 2024, le nouveau bâtiment de la Maison Relais a ouvert ses portes au public, un joyeux mélange composé de parents et de curieux de tous les horizons. Au programme: visites guidées, quiz et activités ludiques avec les pédagogues dans les différentes salles à thème.*
















## 23.11.2024 - Dag vum Bam / *La Journée de l'Arbre*

Et ass mëttlerweil eng Traditioun ginn, dass mir all Joer fir déi neigebuere Kanner e Bam planzen. Dëst Joer ass et eng Happbich. Well d'Happbich relativ séier wiisst, an och zimmlech grouss gëtt, wäert si op der Spillplaz bei der Reispelt an e puer Joer fir schéine Schied suergen. D'Kanner, dat ass d'Zukunft, eis Zukunft an déi vun eiser Gemeng.

*C'est devenu une tradition: tous les ans, nous plantons un arbre pour nos nouveaux-nés. Cette année-ci, il s'agit d'un ostrier. Comme il pousse rapidement et qu'il devient très grand, il fournira dans quelques années toute l'ombre nécessaire à l'aire de jeux Reispelt. Les enfants, c'est le futur, c'est notre futur et c'est le futur de notre commune.*



KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

Wëllplanzesom Lëtzebuerg

## Wéilt och Dir eng schéi bléiend Blummewiss bei Iech hunn?
## Nom Wanter geet et lass: Mäerz bis Abrëll ass et nees Zäit fir unzeséien!

Fir d'Bestëbser an d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Regioun gëeegent. De Naturschutzsyndikat SICONA an de Naturmusée hunn viru puer Joer zesumme mat weidere Partner eng Lëtzebuerger Someproduktioun vu Wëllplanzen opgebaut. D'Baueren vun der *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Genossenschaft produzéieren dëst Geseems vun heemesche Wëllplanzen op hire Felder. D'Planze ginn no ökologesche Krittären ugebaut, de Som gëtt recoltéiert an d'Firma Rieger-Hofmann stellt d'Geseems dann zu verschiddene Wëllplanzemëschunge fir Lëtzebuerg zesummen.

Jiderengem, deen eng Blummewiss bei sech doheem am Gaart oder op ëffentleche Gréngflächen uleeë wëll, recommandéiere mir d'LUX-Mëschunge vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekte sinn.



E Feld vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fir d'Produktioun vu Geseems.



Déi véier LUX-Mëschungen fir de Siidlungsraum. D'Qualitéit gëtt duerch eng Zeritifizéierung séchergestallt.

Kommt Iech en Echantillon vun enger LUX-Mëschung an de Guichet vun Ärer Gemeng sichen!

## Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir Flächen ëm 25 m² an den Dierfer a Stied kennen méi grouss Tute vun de véier Mëschungen LUX-Blumenwiese, LUX-Blühender Schotterrasen, LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen an déi nei Mëschung LUX-Fugenmischung bei follgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaaft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Bartreng, co-labor
- Colmer-Bierg, De Verband V Shop
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Dippech, Mon Jardin
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Léiweng, De Verband V Shop
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Steesel, Bamschoul Becker
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen

Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fannt Dir op: www.wellplanzen.lu.

All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéite bei der Firma Barenbrug zu Angelduerf oder online am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann (www.rieger-hofmann.de) ënnert „Mischungen für Luxemburg" kaaft ginn.

**Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir Iech gären.**

Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu

KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

SICONA Naturschutzsyndikat

# AKTIOUN PÄIPERLEK 2025


## PAQUET GRATUIT DE VIVACES À PAPILLONS POUR VOTRE JARDIN !



Dans le cadre d'**Aktioun Päiperlek**, SICONA a choisi six vivaces de culture biologique particulièrement valorisantes comme plantes nectarifères pour les papillons et autres insectes. Vous pouvez commander un paquet de ces plantes gratuitement **à partir du 1er avril 2025** sur **www.sicona.lu**. Attention : les paquets sont limités - **first come, first served** ! La distribution aura lieu début mai **de 17:00 à 19:00** aux points de distribution suivants :

- **06.05.2025 :** Schifflange, Parking Hall Polyvalent, 1A, Chemin de Bergem
- **06.05.2025 :** Bissen, Parking Hall Frounert, 10, rue de la Laiterie
- **06.05.2025 :** Olm, Salle des fêtes, 10, rue de Capellen

- **07. & 08.05.2025**, **8:00 – 12:00** et **13:00 – 16:30** à la réception du SICONA à Olm.




CE PARTERRE POURRAIT TROUVER SA PLACE DANS VOTRE JARDIN !

**ATTENTION :** Cette offre s'adresse aux habitants des **communes membres de SICONA**. En cas de stock restant, les habitants des communes non membres peuvent obtenir un paquet contre payement.



# 29.11.2024 - Ënnerwee mam Kleeschen a mam Houseker

## *En vadrouille avec le St.-Nicolas et le Père Fouettard*

Si waren erëm um Kleesebierg an den Houseker hat seng Rutten och dës Kéier erëm fir näischt dobäi, sou brav d'Reckenger Kanner dëst Joer nees waren. „Weider esou!" seet de Kleeschen an huet all Kand eng kleng Titche mat Fairtrade-Séissegkeete geschenkt. A well kee Reckenger Kand vergiess gëtt, huet heen deene ganz Klengen (ab 1 Joer) Rendez-vous um Chrëschtmaart ginn, deen den Dag drop stattfonnt huet.

*Ils sont passés au Kleesenberg et le Père Fouettard aurait mieux fait de laisser ses fouets à la maison, tellement les enfants ont été sages durant l'année. «Continuez comme ça!» les encouragea le St.-Nicolas et leur offrit un sachet de friandises fairtrade … et pour les tout petits: Rendez-vous le lendemain au marché de noël !*



























## 30.11.2024 - De Reckenger Chrëschtmaart
### *Le Marché de Noël de Reckange*

Wa sech de Geroch vun Eisekuch an der Loft duerch d'Gässelcher verbreet a wann d'Hufeise vun de Päerd iwwer de Makadamm schalen, da weess een: Et ass nees Zäit fir déi schéinsten Zäit am Joer, et ass nees Zäit fir de Reckenger Chrëschtmaart! Mat Sonn a bloem Himmel,  fir sou richteg schéin äiskal an den Advent eranzefeieren. E Réckbléck a Biller.

*Quand l'odeur de gaufres dans l'air se propage à travers les ruelles et que les fers à chevaux résonnent sur le bitûme, alors nous savons qu'il est l'heure du plus beau moment de l'année, il est l'heure du Marché de Noël de Reckange! Le soleil et le ciel bleu étaient au rendez-vous pour fêter l'avent comme il se doit. Un retour en images.*







All d'Fotoe vun dësem Event op reckange.lu /
*Retrouvez toutes les photos de cet événement sur reckange.lu*





































2024

# Sportleréierung

## Mir éieren déi bescht Reckenger Sportler

**Kandidaturenopruff**

Mir éieren déi bescht Sportler aus der Gemeng Reckeng op der Mess:
Déi, déi 2024 e Championstitel oder eng Coupe gewonnen hunn, an eng méi héisch Divisioun oder op ee Podium geklomme sinn. (Competitiounen & Championnater)

Falls Dir Reckenger kennt déi dës Krittären erfëllen, oder selwer dës Bedéngungen erfëllt, biede mir Iech eis dës Informatioune matzedeelen. Schéckt eis dofir eng Copie vun de Resultater bis den 1. Abrëll 2025 op inscription@reckange.lu. D'Sportleréierung fënnt Donneschdes, den 8. Mee 2025 am Kader vum Merlettëfest statt, um Parvis virum Gemengenatelier.

# *Mérite Sportif*

## *Hommage aux meilleurs sportifs reckangeois*

***Appel à candidatures***

*L'administration communale met à l'honneur les sportifs méritants de notre commune:*
*ceux qui, en 2024, ont remporté un titre de champion, ont gagné une coupe, qui sont montés dans une division supérieure ou sur un podium et ainsi de suite. (compétitions & championnats)*

*Si vous avez connaissance de reckangeois répondant aux critères mentionnés, ou si vous remplissez ces conditions, nous vous prions de bien vouloir nous communiquer cette information. Les candidatures se feront en envoyant une copie des résultats obtenus jusqu'au 1er avril 2025 à inscription@reckange.lu. La remise du mérite sportif aura lieu le jeudi, 8 mai 2025 dans le cadre du Merlettëfest, sur le parvis devant l'atelier communal.*



Commission des Sports
Reckange-sur-Mess

# MULTIKULTI
## 10.05.2025

Administration communale de Reckange-sur-Mess

Participez à la grande fête multiculturelle de la Commune de Reckange-sur-Mess, qui aura lieu **le samedi, 10 mai 2025** sur le parvis de l'atelier communal de Reckange-sur-Mess à partir de 11.00 heures. Afin de mettre la diversité culturelle de notre pays à l'honneur et de permettre à tous nos habitants et visiteurs de se rencontrer et de découvrir diverses spécialités (culinaires et culturelles) d'autres pays, la Commission du vivre-ensemble organise une grande fête multiculturelle ouverte à toutes et à tous.

### Qui peut participer et comment s'y prendre ?

Tous les habitants intéressés à faire connaître les dégustations et/ou animations (a)typiques de leur pays ou région, que ce soit au niveau culturel ou culinaire.

### Comment s'inscrire ?

Il suffit de renvoyer la fiche d'inscription à la

Commission du vivre-ensemble Reckange-sur-Mess

Commission du vivre-ensemble de Reckange-sur-Mess
C/o Myrna Mainini, secrétaire
83, rue Jean-Pierre Hilger L-4980 Reckange-sur-Mess
ou par e-mail à **myrna.mainini@reckange.lu**

Venez et participez nombreux, car tout ce qui compte c'est de passer un bon moment **tous ensemble**.

À retourner avant le 28 février 2025

## Fiche d'inscription: Reckenger MultiKulti 2025

**1) Coordonnées participants :**

Nom et prénom du responsable ______________________________

Rue et N° ____________________ C.P. et localité ____________________

Tél ____________________ E-mail ____________________

**Brève description :**

______________________________
______________________________
______________________________
______________________________
______________________________
______________________________

Localité et date ____________________ Signature ____________________

# Mir gratuléieren / *Félicitations*



**Hochzäit / 26.10.2024**
Jessica Bauldry &
Fabian Robert



**PACS / 31.10.2024**
Jessica Leclerc &
Marc Thorn



**PACS / 04.11.2024**
Carolina Lopes Ferreira &
Charel Berchem



**PACS / 06.12.2024**
Silva Fernandes Cynthia &
Yilmaz Ahmet



**29.11.2024 - Gëllen Hochzäit**
Marie-Thérèse Celotti & Jos Wester - Reckeng op der Mess







# Manifestatiounskalenner

*19. Januar 2025*
**Auditioune vun der UGDA**
*Wou: Centre Culturel Pëtzenhaus*
*Organisatioun: KultuReck a.s.b.l.*

*1. Mäerz 2025*
**Kannerfuesbal**
*Wou: Centre Culturel Pëtzenhaus*
*Organisatioun: APERM a.s.b.l.*

*2. Mäerz 2025*
**Concert „Les amis du chant"**
*Wou: Reckenger Kierch*
*Organisatioun: KultuReck a.s.b.l.*

*9. Mäerz 2025*
**Buergbrennen**
*Wou: Lampech*
*Organisatioun: Déi Lampecher Fliichteschësser*

*15. Mäerz 2025*
**Wonschconcert**
*Wou: Centre Culturel Pëtzenhaus*
*Organisatioun: Reckenger Musek a.s.b.l.*

*22. Mäerz 2025*
**Geckeg Mess**
*Wou: An all de Reckenger Wiertschaften*
*Organisatioun: KultuReck a.s.b.l.*

Administration communale
de Reckange-sur-Mess